# Infoblat N°19/2026

ABRËLL 2026

bigs@pt.lu www.bigs.lu

CCRALULL LU63 0090 0000 7355 2416

#fir de besch

**BIGS**


**Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl**

RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM

association agréée dans la protection de la nature




BIGS

Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

# Wou ass den Dossier Contournement drun?

## ËFFENTLECH INFORMATIONSVERSAMMLUNG

D'BIGS klot viru Geriicht !
No ville Varianten a neien Argumenter si mir ëmmer nach der Meenung, dass an Zäite vu Klimakris, Biodiversitéitsverloscht a Verloscht vu Liewensqualitéit de Bau vum Contournement keng zäitgeméiss a nohalteg Léisung fir manner Trafic ass, a weiderhi géint wichteg gesetzlech Bestëmmunge verstéisst. Firwat mir esou decidéiert sinn, erkläre mir iech de

**Méindeg 20. Abrëll 2026, ab 19 Auer am Hall Polyvalent zu Suessem**

Eisen Affekot, de Me Frank Wies, steet Iech och Ried an Äntwert bei juristesche Froen.

# Firwat mer weiderhi géint de Projet Contournement sinn:

## De negativen Impakt op d'Leit an d'Natur wier grouss

- D'Cité Tornaco géif vun der Autobunn a vum Contournement ageschloss ginn. Dat bedeit méi Kaméidi a méi Stëbs och op anere Stroossen.
- Degradatioun oder souguer Zerstéierung vun de schéine Landschaften iwwer déi méi wéi 4 Kilometer vum Contournement. Fir d'Foussgänger an d'Vëlosfuerer ging de Bësch als Noerhuelungs - a Fräizäitgebidd stuark diminuéiert ginn.
- Zougang mam Auto zu Suessem wier nëmme méi iwwer d'Natura 2000-Zone an dat nationaalt Naturschutzgebitt 'Dreckwiss' méiglech.
- Ofholzung vun 5,18 ha Bësch (am Verglach zu de geplangten 5,21 ha am Joer 2016) - wat 7,3 Fussballfelder entsprécht.
- Dovu sinn 1,78 ha Eechen-Hobichen-Bëscher vun 150 Joer (ancient forest) am Natura-2000-Gebitt (Zämerbësch) betraff an 1,87 ha am Bobësch, deen als Natura-2000-Gebitt designéiert ass (a wou de provisoresch geschützte Status bis zur Entscheedung vun der Europäescher Kommissioun net soll respektéiert ginn).
- Déi indirekt Auswierkungen (wéi Randeffekter an anere Schued) op déi zwee Bëscher ginn op 14 ha geschat - wat 19,6 zousätzleche Fussballfelder entsprécht.
- Mat dem Verloscht vun de Beem a vu weiderer Buedemfläch géife mer grat esouvill natierlech $CO_2$-Reservoiren verléieren, an d'Mikroklima an de Bëscher wier net méi dat selwecht.
- Dramatesche Biodiversitéitsverloscht wéinst dem Verschwanne vu natierleche Liewensräim.
- Zousätzlech: geplangten Ofholzung am Hanebësch als 'industriell Kompensatioun' fir d'Verleeung vu Saint-Gobain (2 ha Eechen- an Hobichenhabitat a geschützten Déierenaarte wiere betraff).

## Noutwendeg „raison impérative d'intérêt public majeur" net nogewisen

- D'Regierungsentscheedung vum 31. Juli 2016 (klassesche Contournement) baséiert op Verschmotzungs- a Verkéiersmiessungen zu Bascharage, déi vun Ufank un, wéi se selwer soen, fehlerhaft waren.
- D'Regierungsentscheedung vum 7. Juli 2023 (Contournement de „proximité") berifft sech op eng Verkéiersetude, déi net vun aktuellen Zuele beluecht ass.
- Dës Ännerung vun der 'raison impérative' ouni eng nei EIE (étude d'incidence sur l'environnement humain et naturel) ass gesetzlech onzoulässeg.

## Net adaptéiert an ongenügend Kompensatioune

- Eng wierklech Kompensatioun z. B. fir déi betraffe Bëschgebidder, dauert am beschte Fall 150 Joer.

## Alternativen goufen vun Ufank un net wierklech studéiert

- Variant 0+ gouf ni als eng wierklech Alternativ betruecht. Et ginn aner Méiglechkeeten, d'Eisebunnslinn an d'Busverbindungen ze notzen, och am Interessi vun de wirtschaftlechen Zonen. Dat kierzlech annoncéiert Opginn vun der Weiderféierung vum Contournement laanscht Dippech géif nei Perspektiven opmaachen.

**Dir kritt och d'Méiglechkeet, déi verschidden Aspekter an Prozeduren an der Affär, déi vun der BIGS a.s.b.l. an Awunner vu Käerjeng a Suessem virum Verwaltungsgeriicht agereecht gouf an de 16. Dezember 2026 plaidéiert gëtt, mat eisem Affekot ze diskutéieren.**

**COLLECTE DE FONDS POUR FINANCER LE RECOURS**

**CCRALULL IBAN LU63 0090 0000 7355 2416**

**www.bigs.lu**

#fir de besch

## Extrait aus dem Aktivitéitsbericht vun der AG vun der BIGS, den 25.03.26: Entwécklung am Dossier KRONOSPAN

### Och am Joer 2025/2026 gëtt et weider eng ganz Rei Plaintes vun den Awunner.innen aus de Gemengen Suessem an Déifferdeng wéinst de Nuisances: Geroch, Stëpps a Keméidi.

Op Virschlag an Ufro vun der Gemeng Suessem hat KRONOSPAN de 26. August 2025 Bierger.innen bei sech invitéiert fir kennen à voix vive hier Kloen virzedroen. D'BIGS gouf vun interesséierte Bierger.innen kontaktéiert och bei dëssem Treffen derbäi ze sinn – de Romain Borrelbach an d'Patrizia Arendt, beid Membres vun der Ëmweltkommissioun zu Suessem, hunn dat dunn och gemaach.

Hei goufen vill Froe gestalt an d'Léit wuare wierklech opbruecht a rosen. Et wuar kloer, dass si sech net méi gingen vertréischte loosen an dass elo eppes Konkretes misst geschéien. D'BIGS hat e Sitzungsprotokoll verfaasst deen alle Bedeelegten ënnerbreet gouf. An engem gemeinsame Kommuniqué vu BIGS a MOUVEMENT Ecologique, régional Sul, gouf gefuerdert, endlech e Comité d'accompagnement anzeberuffen wou esouwuel Vertrieder.innen vun de Schäfferéit, Ëmweltkommissioune, der BIGS an dem Mouvement sollte vertruede sinn (nom Escher Modell mat ARCELOR/MITTAL).

De 4. Februar 2026 koum et zu engem Treffen tëschent der KRONOSPAN, engem Vertrieder vum TüV-Rheinlandpfalz, vu BIOMONITOR, vum Service Ecologique vu Suessem, engem externen Expert an engem Vertrieder vun der BIGS. Hei gouf festgehalen, dass 2 mol d'Joer esou en Treffen/Austausch sollt stattfannen.

De 5. Februar 2026 wuar eng Versammlung mat de Gemengeréit an den Membres vun der Ëmweltkommissioun vu Suessem an Déifferdeng, mat jeweils Vertrieder vum Ëmwelt- an Economie-Ministère a vu KRONOSPAN.

Hei gouf offiziell bestätegt, dass net alles bei KRONOSPAN an der Rei ass, dass et Nonkonformitéite gëtt, an trotz den Oplagen vum Environnement déi festgestallten Mängel weider bestinn. KRONOSPAN gouf opgefuerdert des Mängel am Laaf vum Joer 2026 ze behiewen, ouni awer mat Sanktiounen oder Konsequenzen mussen ze rechnen, fir de Fall wou dat neess net de Fall sollt sinn.

An den 2 Rapports d'expertise um Site vum Ëmweltministère ginn, fir 2025 zesummegeholl **12 non conformités mineures** an och **7 non conformités significatives** vermierkt:

- **Nuetskaméidi** - et bestätegt sech, dass de Kaméidi Nuets regelméisseg iwwert dem Grenzwäert läit / KRONOSPAN selwer konfirméiert bei hieren Tester 94 % Konformitéit.
- **Geroch** – och hei ginn Iwwerschreidungen festgehalen bei Formaldehyd an Ammoniac (2 kriibserregent Substanzen) / KRONOSPAN huet dat endlech zouginn awer agelenkt, dass si no den amerikaneschen Normen gingen fueren a net no den europäeschen (an dat säit der Grënnung viru 40 Joer !)
- **Stëpps** – och hei ginn et Problemer mat der Filteranlag an der Installatioun u sech / KRONOSPAN huet versprach den technesche Probleme kuerzfristeg ze behiewen, méi Formatioune bei hierem Personal duerchzeféieren (fir dass Problemer éischter erkannt ginn) a méi séier ze reagéieren am Fall vun Depassementer.

A suivre demno!

LINK zu den rapports d'expertise um Site vum Ëmweltministère :
*https://environnement.public.lu/fr/emweltprozeduren/Autorisations/Etablissements_classes/IED/arretes-ied/autres-activites/kronospan.html*

# Wat leeft um Matgesfeld?

## Samschdes 18.04.2026

### Mat Guardemaschinne sëcher ëmgoen (09:00 - 17:00)

En Accident ass schnell geschitt. Bei dësem gratis Cours kritt der theoretesch a praktesch Informatiounen a gewise wéi ee sécher mat Gaardemaschinnen ëmgeet.

*Organisatioun:*
*Gaart an Heem Gemeng Suessem / CNFPC*

### Som- a Planzentauschbourse a Verkaaf (14:00 - 17:00)

Wat maache wann de Gaart nees ze kleng ass fir all déi Jongplanzen déi een ugezunn huet? Kommt tauscht mat anere Gäertner oder kaaft dat wat nach feelt. Och Som ka getosch oder kaf ginn, ob Blummen oder Geméis. Natierlech geet et och drëm fir Fachwëssen auszetauschen, bei enger Tass Kaffi mat engem Stéck Kuch.

*Organisatioun:*
*Emweltservice Gemeng Suessem / Gaart an Heem Gemeng Suessem*

### Repair-Café (14:00 - 17:00)

Reparéieren am Plaz ewech geheien: Bréngt är Gaardegeräter, kleng Elektro-Apparater, Vëloen oder Kleeder mat. Fräiwëlleger frëen sech fir ze flécken. Wei de Numm et seet bei enger Taass Kaffi mat engem Stéck Kuch.

*Organisatioun:*
*Emweltservice Gemeng Suessem / Gaart an Heem Gemeng Suessem*

**Emwelt- a Bildungszenter Matgesfeld**
**matgesfeld@suessem.lu**
**Tél.: 59 30 75 9170**

## Gutt Geschier

Beim Projet **Gutt Geschier** am Matgesfeld gëtt eng Bibliothéik iwwert Gaardegeschier a verschiddent klengt Handwierksgeschier ugebueden, déi een sech fir kuerz Zäit ausléine kann. **Léinen, amplaz ze kafen**, an der Zirkulärer Wirtschaft ass eng sougenannten "Sharing Economy" e wichtege Bestanddeel, fir als Gesellschaft erëm ze léieren, dass een net alles kafe muss. Sou reduzéiert ee lues awer sécher den Ëmweltimpakt, den duerch de Verkaf vun dëse Maschinnen entsteet an natierlech spuert een och e bëssi Geld.

Zousätzlech zum Verléine vum Material, kritt dir och nach erkläert wéi een esou eng Maschinn optimal notzt.

---

**BIGS**
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl
RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM
association agréée dans la protection de la nature

**bigs@pt.lu**
**www.bigslu.net**

**2026**
**MEMBRE**
**DONATEUR/TRICE**

**carte membre 10 €**

**don de solidarité**

#fir de besch

**Collecte de fonds**
pour financer le **RECOURS**
pour la **préservation** de la
**ZONE-NATURA-2000**
**Zäemerbësch/Bobësch**

**CCRALULL IBAN LU63 0090 0000 7355 2416**